

» **M. le Président.** - D'Sitzung ass op.

D'Regierung ass nach net do, also ka se eis och keng Matdeelunge maachen. Mä den Här Jaerling wëllt eis eng Matdeelung maachen. Duerfir kritt hien och elo d'Wuert.

Här Halsdorf, huet d'Regierung der Chamber...

» **M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.* - D'Regierung huet näischt ze vermelden, Här President.

» **M. le Président.** - Dann huele mer Akt dovunner. Mir sinn dat an der Zwëschenzäit och gewinnt, an duerfir huet den Här Jaerling elo d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Et ass elo näischt Neies.

» **M. le Président.** - Den Här Jaerling huet d'Wuert!



1. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Här President, d'lescht Woch hat ech eng Motion eragereecht, fir eng Lehrentschiedegung am Secondaire technique a classique anzeféieren. Well déi hei jo ofgelehnt ginn ass a well ech awer der Meenung sinn, dass jiddweree muss déiselwecht Chancen hunn, fir kënnen seng Kanner an de Secondaire ze schécken, a well an eiser Verfassung drasteet, dass den obligatoresche Primärunterrecht gratis ass, wëll ech dann hei den Artikel 23 vun eiser Verfassung esou ëmänneren, andeem dass ech draschreiwe loossen, dass och d'Instruktioun am Secondaire technique a classique an d'Formation continue sollen an Zukunft gratis sinn, fir dass all Schüler an all Elteren déiselwecht Chance hunn, fir hir Kanner kënnen an de Secondaire ze schécken.

6040 - Proposition de loi visant à réviser la Constitution.

» **M. le Président.** - Ech ginn lech Akt vum Dépôt vun där Proposition de loi, déi an déi parlamentaresch Prozedure geet.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum éischte Punkt vun eiem chargéierten Ordre du jour vun haut de Mëtteg an haut den Owend. Dat ass de Projet de loi iwwert d'Iwwerwaachung an d'Infiltratioun duerch d'Police. Den honorabelen Här Roth ass de Rapporteur. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Fleisch, den Här Klein an den Här Henckes.

Den Här Gilles Roth huet elo d'Wuert, fir de Rapport ze maachen.



2. 5588 - Projet de loi portant 1. réglementation de quelques méthodes particulières de recherche, 2. modification de certaines dispositions du Code pénal et du Code d'instruction criminelle

Rapport de la Commission juridique

» **M. Gilles Roth** (*CSV*), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 5588 schafft hei am Land eng gesetzlech Rumm fir d'polizeilech Iwwerwaachung an d'verdeckt Ermittlung. D'Noutwendegkeet, fir ze légiféréieren, drängt sech op. D'Kriminalitéit, besonnesch d'organiséiert Verbruechen, hält ëmmer nei Formen un. Si hält och net virun de Landesgrenze stall. Justiz a Polizei brauchen dofir ugepassten Ermittlungsmethoden.

Polizeilech Iwwerwaachung a verdeckten Ermittlung sinn net nei, si sinn och net onbekannt bei eis am Land. Mat dem Gesetzesprojet lafen dës Operatiounen elo net méi an engem juristesche Vakuum of. D'Iwwerwaachung an d'verdeckt Ermittlung ginn ënnert de respektive Begrëffer „Observation“ an „Infiltration“ an de Code d'instruction criminelle ageschriwwen. Doduerch gëtt déi néideg Rechtssécherheet geschaf.

Ee legale Kader spillt am Interessi vun der allgemenger Sécherheet. En ass awer och am Sënn vun engem wuelverstanene Schutz vun der Privatsphär an de Rechter vun dem Droit de la défense. An dësem Beräich ass d'Sich no deem richtegen Équiliber tëschent effikasser Kriminalitéitsbekämpfung a Schutz vun de Mënscherechter vun deem eenzelne Bierger en delikaten Exercice.

Et ass dat sécherlech och d'Ursaach, firwat de Gesetzesprojet bal dräi Joer gebraucht huet, nodeems en déposéiert gouf, fir haut zur Ofstëmmung an de Plenum ze kommen. D'Commission juridique huet sech an där Zäit a ronn enger Dose Sitzunge mat dësem Gesetzesprojet ausenanergesat an den ursprüngeleche Regierungstext gläich e puermol amendéiert.

De Gesetzestext, deem elo zur Ofstëmmung kënnt, gouf no enger ganzer Rei vu gutt dokumentéierten Avisë vu verschiddene Gerichtsautoritéiten an och dem Affekotableau zesummegeallt. De Statsrot huet a sengen dräi Avisen op ville Plaze konkret Textvirschléi gemaach.

Den Text moosst sech sécherlech net un, perfekt ze sinn. Et gouf versicht, praktesch Contraintë vun enger effikasser Kriminalitéitsbekämpfung a Schutz vun de Rechter vum eenzelne Bierger ënner een Hutt ze bréngen.

Här President, an der Substanz wäert eis Gesetzgebung an dësem sensibelen Domän an Zukunft sech enk un d'Reglementatiounen vun eisen Nopeschlänner ulehen. Fir d'Iwwerwaachung ass den Text vun der belscher Gesetzgebung inspiréiert, bei der verdeckter Ermittlung war dat franséischt Recht d'Virlag.

All dëst huet de Virdeel, dass eis Gerichter an Zweifelsfäll kënnen op d'Erfahrungswäerter an d'Rechtspriechung vun eisen Nopereen zréckgräifen. Ähnlech Gesetzgebunge bedeiten och en Avantage am Kontext vun der internationaler Rechtshëllef. An der Praxis wäert dat wuel den Hauptberäich sinn, wou dës zwou Ermittlungsmethoden zum Asaz kommen.

Här President, mat dem Gesetzesprojet gëtt déi systematesch Iwwerwaachung vu Persounen, Géigestänn, Plazen oder Evenementer reglementéiert. Eng systematesch Iwwerwaachung gëtt et an dem Gesetzesprojet an dräi Fäll:

- éischstens, wann d'Iwwerwaachung méi wéi fënnef Deeg hannerenaner dauert oder wa si méi wéi fënnef Deeg laang verdeelt op engem Mount dauert;

- zweetens, wann d'Iwwerwaachung mat sougenannten technesche Mëttele gemaach gëtt. Esou en technescht Mëttel ass en Apparat oder eng Installatioun, déi Signaler kann detektéieren, se opzezeichnen, se widerleeden, wéi zum Beispill eng Videokamera oder e Metalldetektor. Ginn dogéint Stëmme mat engem Mikro opgezeechent oder Telefoner ofgelauschtert, muss respektiv déi duerfir speziell Prozedur agehale ginn, déi am Code d'instruction criminelle fir d'Iwwerwaachung vun Telekommunikatiounen virgesinn ass.

Dëst bedeit an der Praxis, dass e Fotoapparat, eng Videokamera een technescht Mëttel am Sënn vun dësem Gesetzesprojet ass, datt dat am Kader vun enger Iwwerwaachungsprozedur erlaabt ass. Wann d'Kamera awer zousätzlech een dreibare Mikro huet, da muss d'Prozedur fir d'Iwwerwaachung och nach d'Bestëmmunge vun den Telefonsécoutes zousätzlech respektéieren. Dëst praktescht Beispill ënnersträicht, datt net lichtfankeg mat dem Schutz vun der Privatsphär ëmgaange ginn ass.

- Eng systematesch Iwwerwaachung am Sënn vun dem Gesetzesprojet läit schliesslech an engem drëtten Fall nach vir, wa se am Kader vun enger internationaler Rechtshëllef op Ufro aus dem Ausland oder mat Bedeelegung vun auslännesche Poliziste gemaach gëtt.

Et gëtt deemno dräi generell Fäll, wou eng Iwwerwaachung kann ugeuerdnet ginn. Et gëtt och dräi Formen, wéi eng Iwwerwaachung am Sënn vun dem Gesetzesprojet ka gemaach ginn:

- Déi éischt Form ass déi einfach Iwwerwaachung. Si ka vun dem Procureur d'État oder dem Untersuchungsriichter ordonnéiert ginn. Dës einfach Iwwerwaachung dierf da gemaach ginn, wa se am Kader vun der Ermittlung néideg ass, well aner Ermittlungsmoosnamen net wierksam sinn, zum Beispill weinst der spezieller Natur vun den Tatbestänn.

- Deen zweeten Typ vun Iwwerwaachung ass déi mat Hëllef vun technesche Mëttele. Si ka vum Procureur oder dem Untersuchungsriichter ugeuerdnet ginn. D'Konditioun ass heifir nees déi, dass déi normal Ermittlungsmoosnamen net duerginn; zousätzlech mussen et schwéier Indizien

ginn, dass op dem Tatbestand, deem ermëttelt sollt ginn, eng maximal Prisongsstrof vun op d'mannst engem Joer drop steet.

- Eng drëtt Form vun Iwwerwaachung ass déi mat technesche Mëttele vu private Plaze wéi d'Wunneng oder d'Aarbechtsplaz. Esou eng Iwwerwaachung kann nëmme vum Untersuchungsriichter ugeuerdnet ginn, wa grave Indizien bestinn, dass den Tatbestand, deem ermëttelt gëtt, mat enger Prisongsstrof vun op d'mannst véier Joer sanktionéiert gëtt. Schliesslech kann och nach de Procureur général eng einfach Iwwerwaachung oder eng Iwwerwaachung mat technesche Mëttele unuerdnen. Dëst geet am Fall, wou eng Persoun sech der Exekutioun vun enger Strof entwunn huet.

Här President, eng Iwwerwaachung muss schrëftlech ugeuerdnet ginn. Dës Décisioun muss och motivéiert sinn an eng ganz Rei vu Bestëmmungen enthalen. An der Décisioun muss zum Beispill den Numm oder d'Beschreibung vun der Persoun, déi iwwerwaacht soll ginn, drastoen, grad wéi d'Plaz oder d'Evenementer, déi sollen iwwerwaacht ginn. D'Décisioun muss och zréckbehalen, firwat déi Iwwerwaachung gemaach gëtt, wéi se soll gemaach ginn an ob technesche Mëttele kënnen agesat ginn.

D'Autorisatioun, fir eng Iwwerwaachung ze maachen, dierf net méi laang wéi ee Mount gi ginn. All dës Mentiounen mussen schrëftlech an der Décisioun drastoen. Wann dëst net de Fall ass, dann ass d'Iwwerwaachung ongëlteg. An engem Noutfall kann d'Entscheidung, eng Persoun iwwerwaachen ze loossen, schliesslech mëndlech geholl ginn, quitte, dass se am kierzesten Délai da muss schrëftlech bestätegt ginn.

D'Iwwerwaachung gëtt am Prinzip vun engem Officier de police judiciaire ausgeféiert. Dëse Beamte muss och e schrëftleche Bericht iwwer seng Missioun maachen. Eng Delegatioun un en Agent de police judiciaire, deen ënnert der Direktioun vun dësem OPJ agéiert, ass awer méiglech.

D'Iwwerwaachung, Här President, gëtt also an Zukunft ganz strikt an dem Code d'instruction criminelle geregelt. Et ass eng Ausnahmeprozedur. Si kann dann ordonnéiert ginn, wann aner Ermittlungsmoosnamen net gräifen. Eng Iwwerwaachung kann nëmme vun der Justiz ugefrot ginn. D'technesch Mëttele, déi bei enger Iwwerwaachung kënnen agesat ginn, si strikt an dem Gesetzesprojet geschriwwen. Och d'Décisioun, fir eng Iwwerwaachung unzeuerdnen, ënnerläit strikte Konditiounen.

Mat all deem soll séchergestallt ginn, dass d'Rechtméissegkeet vun dëser Ermittlungsprozedur kann nogepreift ginn. Den Agrëff an d'Privatsphär vun dem Bierger soll op de Minimum reduzéiert ginn, deen néideg ass fir eng effikass Verbruechensbekämpfung.

Här President, nieft der Iwwerwaachung schafft de Gesetzesprojet eng legal Rumm fir d'verdeckt Ermittlung. Dëst gëtt ënnert der franséischer Bezeechnung „Infiltration“ an de Code d'instruction criminelle ageschriwwen. De verdeckten Ermittler gëtt sech als en aner aus wéi deen, deen en a Wierklechkeet ass. Hie versicht esou engem Täter méi no ze kommen, géint dee schwéier Indizien bestinn, dass en eng schwéier kriminell Handlung begaangen huet.

D'Strofdoten, bei deenen op eng verdeckt Ermittlung kann zréckgegraff ginn, si limitativ an dem Gesetzesprojet opgelëscht. Eng verdeckt Ermittlung ass an zwielef verschiddene Fäll méiglech. Dozou gehéieren: Ugrëff géint d'Statsécherheet; den Terrorismus an d'Finanzierung vun dem Terrorismus; de Mënschenhandel; d'Zuhälterei; d'Wäisswäsche vu Suen; Falschgeld; Bestiehung; kriminell Organisatiounen, déi am Waffebereich, am Drogenhandel, Schutzgelderpressung tätég sinn; Schleiserbande vun Auslänner, grad wéi d'Entféierung vu Mannerjähregen.

D'Verdeckt Ermittlung ass eng Ausnahmeprozedur. Si ennerläit ganz strikte Konditiounen. Si kann nëmme vun engem Procureur d'État oder vun engem Untersuchungsriichter ugeuerdnet ginn, deen da selwer d'Kontroll dovunner muss maachen. Eng verdeckt Ermittlung kann nëmme gemaach ginn, wann aner Ermittlungsmethoden net duerginn an d'Enquête oder d'Instruktioun dëst verlaangen.

Den Opdrag vun der verdeckter Ermittlung muss schrëftlech gemaach ginn. D'Entscheidung vum Procureur d'État oder dem Untersuchungsriichter, fir op dës Ermittlungstechnik zréckzegräifen, muss speziell motivéiert ginn. D'Tatbestänn, déi dës Prozedur rechtfertegen, mussen opgelëscht ginn, grad wéi den Numm vun dem Officier de police judiciaire, ënnert deem senger Responsabilitéit dës Moosnam geschitt. D'Dauer vun der Operatioun muss och festgeluecht ginn. Si dierf am Prinzip net méi

laang wéi véier Méint sinn. Si kann awer verlängert ginn.

De verdeckten Ermittler muss e Lëtzebuerger Officier de police judiciaire sinn. Eng verdeckt Ermittlung kann hei am Land awer och vun engem auslänneschen Agent gemaach ginn, wann dësen a sengem Land habilitéiert ass, esou eng Ermittlungsmessure duerchzeféieren. An dësem Fall agéiert den auslänneschen Agent ënnert der Verantwortung vun engem Lëtzebuerger Officier de police judiciaire, deen déi ganz Operatioun da koordinéiert.

De verdeckten Ermittler kann a senger Missioun op ee falschen Numm zréckgräifen. A wann et noutwendeg ass, dierf de verdeckten Ermittler a senger Missioun eng Rei vu Strofdote maachen, ouni dofir strofrechtlech haftbar ze sinn. Dës Stroffrähheet zielt och fir Handlungen, déi de verdeckten Ermittler no senger Missioun muss maachen, fir sech aus der Operatioun kënnen zréckzézéien, ouni dobäi seng eege Sécherheet op d'Spill ze setzen.

Nom Oflaf vun der Missioun zielt dat da fir eng maximal Zäitspann vu véier Méint, déi eemol verlängert ka ginn. Den Officier de police judiciaire, ënnert deem senger Verantwortung d'verdeckt Ermittlung leeft, kann eleng als Zeien iwwer seng Operatioun gehéiert ginn.

Här President, de Gesetzesprojet gesäit hei vir, dass de Beschëllegten, deen duerch déi verdeckt Ermittlung direkt belaauscht gëtt, eng Géintiwwerstellung tëschent him an dem verdeckten Ermittler kann ufroen. Bei dëser Géintiwwerstellung gëtt een techneschen Dispositif agesat, fir dass de Beschëllegten oder säin Affekot de verdeckten Ermittler als Zeie kënnen héieren an him op Distanz duerfir kënnen Froe stellen, ouni dass se him begéien.

D'Stëmm vun dem verdeckten Ermittler gëtt technesch dann esou verännert, dass d'Identitéit vun dem verdeckten Ermittler net opflitt. D'Froen, déi un de verdeckten Ermittler gestallt gi bei der Géintiwwerstellung, dierfen och net zum Zweck hunn, fir dass e seng reell Identitéit muss präisginn. Alles dat ass néideg, fir de verdeckten Ermittler ze schützen.

Dës Protektioun ass néideg, well mir bewegen eis hei am Kontext vun der Schwéierkriminalitéit. Dofir gesäit de Gesetzesprojet och ausdrécklech vir, dass deejéinegen, deen engem verdeckten Ermittler seng Identitéit präisgëtt, dofir mat enger Prisongsstrof vu bis zu fënnef Joer belaangt ka ginn. Wann dat zur Konsequenz huet, dass de verdeckten Ermittler bedroht gëtt, da stinn dorops bis zu zéng Joer Prisong. An der Contrepartie ass eng Verurteilung vun engem Beschëllegten eleng opgrond vun den Aussoe vun engem Ermittler net méiglech.

Här President, déi prinzipiell Fro, ob e verdeckten Ermittler dierf ugehéiert ginn an ënner wat fir enge Konditiounen, ass politesch ouni Zweifel den ëmstriddensten Punkt an dësem Gesetzesprojet. Dat ass iwwerengs net nëmme bei eis de Fall. Et ass dat de generelle Problem vun dem...

(Coups de cloche de la Présidence)

...Équiliber tëschent engersäits enger effikasser Kriminalitéitsbekämpfung an dem Schutz vun der Persoun vun dem verdeckten Ermittler, mä gradesou op där anerer Säit d'Recht vun dem Beschëllegten op e fairen a kontradiktöresch gefouerte Prozess, an dobäi ageschloss de Respekt vu senger Verteidigungsrechter.

Iwwert dëse Punkt gouf och vill an der Commission juridique diskutéiert an den Text e puermol amendéiert. Am ursprüngeleche Regierungstext war den Text aus dem franséische Code de procédure pénale iwwert d'Unhéierung vum verdeckten Ermittler iwwerholl.

De Statsrot hat heizou an engem éischten Avis am Mee 2007 eng Opposition formelle gemaach. De Statsrot huet hei wuel d'Noutwendegkeet agesinn, fir de verdeckten Ermittler ze schützen, andeems seng reell Identitéit muss verschwiege ginn. D'Méiglechkeet fir de verdeckten Ermittler, ënner enger falscher Identitéit auszesoen, an dass dobäi seng Stëmm géif verännert ginn, huet de Statsrot zur Meenung verleet, dass doduerch e Präzedenzfall vun Témoignage anonyme an eiser Gesetzgebung geschaf kéint ginn.

D'Commission juridique huet doropshin de Regierungstext amendéiert. Si huet sech dobäi un der belscher Gesetzgebung inspiréiert, fir d'Konfrontatioun vum Beschëllegten an dem verdeckten Ermittler ze regelen.

An engem zweeten Avis huet de Statsrot doropshi kritiséiert, dass et net gutt wier, an esou engem sensibelen Domän Elementer vu franséischer a belscher Gesetzgebung mateneen ze verbannen. De Statsrot huet

och verschidden Inkohärenzen am Text op-
geléscht.

De Procureur d'État huet och en Avis zu dem Gesetzestext gemaach. Hie bestätegt doran, dass zënter 1986 a ganzer dräi Fäll op d'verdeckt Ermëttlung hei am Land zréckgegraff gouf. Bei engem Fall wier sou-
guer e Recours bei den Europäesche Mën-
schegeriichtshaff zu Stroossbuerg ge-
maach ginn. Dëse Recours wier awer als ir-
recevabel zréckgewise ginn, wat géif ënner-
sträichen, dass d'Lëtzebuurger Autoritéiten
deemools am Aklang mat der Europäescher
Mënscherechtskonventioun gehandelt hät-
ten.

De Procureur huet och drop higewisen,
dass aner EU-Memberstate Gesetzgebun-
gen hunn, déi eng Zeienausso vun engem
verdeckten Ermëttler virgesinn.

D'Madame Juge d'instruction directeur huet
och en Avis zum Gesetzesprojet ofginn. Si
verweist, dass duerch zwou UNO-Konven-
tiounen, an zwar d'UNO-Konventioun iwwert
d'Korruptioun aus dem Joer 2003 an
d'UNO-Konventioun iwwert déi grenziwwer-
schreidend organiséiert Kriminalitéit aus
dem Joer 2000, eist Land sech engagéiert
huet, déi néideg Moossnamen ze huelen, fir
verdeckt Ermëttlung kënne ze maachen.

D'Chefuntersuchungsrüchterin huet
schliesslech geschriwwen, dass et sech bei
der Zeienausso vun engem verdeckten
Ermëttler ëm en Témoignage à statut parti-
culier an net ëm e klassesch Témoignage
anonyme géif handelen. De Procureur gé-
néral huet schliesslech a sengem Avis am
Kontext vun der Zeienausso vun engem ver-
deckten Ermëttler och vun engem Témoi-
gnage à statut particulier geschwat.

De Procureur général huet eng Analys vun
der Jurisprudenz vun dem Europäesche
Mënscherechtsgeriichtshaff gemaach iwwert
den Témoignage anonyme en général. Sou-
guer den Témoignage anonyme ass
deemno no Stroossbuerg net verbueden,
wann d'Prozedur déi néideg Garantië fir de
Schutz vun der Verteidigung gëtt. Dozou
zielt eng Interventioun vun dem Riichter
während dem Interrogatoire vun Zeien an
eng direkt Konfrontatioun vun den Zeie mat
dem Beschëllegten, och wann technesch
Mëttelen agesat ginn, fir d'Anonymat vun
Zeien ze garantéieren.

Schliesslech verlaangt d'Jurisprudenz vu
Stroossbuerg, dass den Témoignage ano-
nyme net dat eenzegt Belaaschtungsele-
ment an dem Prozess duerstellt. De Procu-
reur général stellt fest, dass souwuel de
belsche Gesetzgeber wéi de franséische
Gesetzgeber an de Joren 2003 an 2004
d'verdeckt Ermëttlung agefouert hunn. Déi
zwou Législatiounen droen der Jurispru-
denz vu Stroossbuerg Rechnung.

De Procureur général schléit dann och vir,
fir déi franséisch Bestëmmung iwwert d'ver-
deckt Ermëttlung hei am Land ze iwwerhue-
len. Dëst huet d'Commission juridique an
enger leschter Serie vun Amendementer
uganks dëst Joer gemaach. Dës goufen
och eng leschte Kéier vum Conseil d'État
aviséiert. De Statsrot huet keng Opposition
formelle méi zum leschten Text gemaach,
obschonns dee praktesch identesch mat
dem ursprëngleche Regierungstext op dë-
sem Punkt ass.

Här President, dëse ganze legislative Pro-
zess beweist, dass d'Commission juridique
et sech net einfach mat dëser däreger Fro
gemaach huet. De Choix fir de franséischen
Text ass opgrond vun enge sëllechen
Avisen zréckbehale ginn. Et ass e pragma-
tesche Choix. En huet de Mérite, dass eis
Gerichter sech op déi franséisch Jurispru-
denz am Fall vu Schwieregkeete kënne ré-
féréieren.

Här President, opgrond vun de verschi-
dene Contraintë gëtt et sécherlech keng
Idealléisung, fir an dësem sensibelen
Domän den Équilibre tëschent effikasser
Kriminalitéitsbekämpfung a Schutz vun den
Droits de la défense sécherzestellen. Mir
schafen awer mat dësem Gesetzesprojet e
legale Kader fir dës zwou Ermëttlungsmetho-
den, op déi an Ausnahmefäll zréckge-
graff ka ginn. Et gëtt Rechtssécherheet ge-
schaf. D'Commission juridique recomman-
déiert deemno och, mat enger Majoritéit
dëse Rapport ze stëmmen an d'Gesetz
deemno och. Ech gi fir mäin Deel dofir
d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a
soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Roth. Als
éischt Riednerin ass déi honorabel Madame
Flesch ageschriwwen.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här Pre-
sident, léif Kolleegen, wann ech onsen
Ordre du jour kucken, da mengen ech, mir

hätten elo den éischten Akt vum Festival
Gilles Roth de Mëtteg.

(Hilarité)

An ech wëll onsem Kolleeg, dem Gilles
Roth, villmools Merci soe fir deen exzellente
Rapport, deen e gemaach huet hei an en-
gem awer wierklech ganz komplizéierte Pro-
jet, ganz ëmstriddene Projet, dee laang um
Dësch louch, dee mer vill en long, en large
et en diagonale an der Commission juri-
dique diskutéiert hunn.

Et kënnt derbäi, dass den Här Roth och
nach den Zuch en cours de route huet mis-
sen huelen, well au départ wor de Patrick
Santer Rapporteur. An ech muss soen, a
sengem schrëftlechen a mëndleche Rap-
port huet den Här Roth wierklech eng super
Analys gemaach vum Projet, vun de
Bestëmmungen, vun dem Hin an Hier të-
schent der Commission juridique an dem
Conseil d'État, vun den lwwerleeunge vun
der Commission juridique, d'Analys vun de
verschiddene Rapporten an Avisen, déi hei
gemaach si ginn. An ech mengen, en huet
och wesentlech derzou bäigedroen, dass
zu verschiddene komplizéierte Problemen
effektiv Solutiounen konnte fonnt ginn.

Ech wëll och hei ënnersträichen, dass d'Dis-
kussioun an der Kommissioun eng ganz offe
wor an dass eng ganz Partie Suggestiounen
vun der Opposition Afloss fonnt hunn an
deem Projet. An ech mengen, de Projet,
esou wéi en elo virun ons läit, ass besser
wéi deen, dee mer au départ haten, wéi mer
mat der Diskussioun ugefaangen hunn.

Här President, ech wëll mech op e puer
ganz kuerz Remarqué limitéieren, well effek-
tiv de Rapporteur am Detail op d'Disposi-
tiounen vum Projet agaangen ass an ech
mengen, et féiert zu näischt, wann ech dat
elo erëm soll répétéieren.

Fir d'Alleréischts géif ech wëllen ënnersträ-
chen, dass et mer wichtig schéngt, dass
mer effektiv souwuel bei der Observatioun
wéi och bei der Infiltratioun e Cadre juri-
dique schafen.

Mir wëssen, dass an der Vergaangenheet
schonn Observatiounen an Infiltratiounen,
zwar wéineg, an ech kommen duerno drop
zréck, duerchexercéiert gi sinn, mä dat wor
an engem Vide juridique. Dat ass ni gutt. De
Procureur d'État a sengem Avis, deen de
Rapporteur och schonn zitéiert huet, den
Här Robert Biever, sträicht ervir, dass mir
am Fong dat eenzegt Land sinn an der
Union européenne, wat dozou keng Geset-
gebung huet. Also, et ass scho richtig,
dass mer elo hei légiféréieren.

D'Commission juridique huet bei der Obser-
vatioun sech d'accord erkläert, dass d'Ob-
servatioun policière, dass mer do d'Solutioun
vum Seuil de la peine sollen applizéieren.
Mä huet awer gemengt, dass bei der Infil-
tratioun ee misst eng Lëscht opstelle vun
den Infractionen, fir déi eng Observatioun,
pardon, eng Infiltration policière kann or-
donnéiert ginn. Dat schéngt ons eng wich-
teg Saach, a mir wëllen dat, mir haten dat
gefrot, a mir sinn och frou, dass dat an
d'Gesetz erakomm ass.

De Rapporteur huet och drop higewisen,
dass wahrscheinlech d'Modalitéiten vum Un-
héiere vum Agent infiltré dee Punkt ass,
deen zu deene gréissten an heftegsten Dis-
kussiounen an der Kommissioun an och bei
den Instanzen, déi en Avis zu dësem Projet
ofginn hunn, geféiert huet.

De Conseil d'État hat dowéinst eng Opposi-
tion formelle gemaach zum ganze Kapitel 7
vum Projet de loi. Déi Opposition formelle
schéngt elo opgehewen ze sinn. Mä nach
mengen ech sinn d'Argumenter, déi de
Conseil d'État ugeféiert huet, net vun der
Hand ze weisen.

De Conseil de l'ordre fir säin Deel huet sech
ganz kloer géint déi Modalitéiten ausge-
sprach vun der Auditoun vum Agent infiltré.
Woufir dat? Souwuel beim Conseil d'État wéi
och beim Conseil de l'ordre, well gesot gëtt,
iwwert dee Biais gëtt eng Modalitéit vun Té-
moignage anonyme agefouert, obwuel
d'Regierung gesot hat, am Zesummenhang
vun engem anere Projet, dee mer och nach
haut wäerten diskutéieren an deen entre-
temps scindéiert ginn ass a wou den Témoi-
gnage anonyme sollt geregelt ginn, wou ge-
sot ginn ass, d'Regierung huet gesot, mir
ginn net un déi Affär erun, mir leeën dat op
Ais a mir kucken, wat spéider kann eng
Kéier domadder geschéien.

Souwuel de Conseil d'État wéi de Conseil
de l'ordre fäerten, dass duerch d'Institutioun
vun deene Mechanisme vum Témoignage,
wéi en hei virgesinn ass, den Témoignage
anonyme ageféiert gëtt an doduerjer e Prä-
zedenzfaktor kéint ginn.

Zu dem Témoignage anonyme wëilt ech
och ervirsträichen, wat de Rapporteur gesot
huet, dass no der Jurisprudenz vun der
Cour européenne des droits de l'Homme

den Témoignage anonyme vun der Cour ak-
zeptéiert ass, à condition, dass véier Ele-
menter respektéiert ginn.

Éischstens, et däerf net deen eenzege
Bewäis sinn. Den Témoignage anonyme
däerf net deen eenzege Bewäis sinn. Zweet-
ens muss e Riichter kënne intervenéieren,
fir d'Crédibilitéit vun den Témoins ze véri-
fiéieren. Drëttens, d'Défense muss kënne
d'Deklaratiounen vum Témoin anonyme a Fro
stellen. A véiertens, et däerf keng Provoca-
tion policière am Kontext vu der Affär, déi
zum Témoignage anonyme geféiert huet,
stattfonnt hunn.

Ënnert deene Virzeechen huet d'Cour euro-
péenne des droits de l'Homme am Arrêt
Dorsen an am Arrêt Van Mechelen gesot,
kann een dat zouloossen, an d'Gesetzes-
texter, déi de Moment a Frankräich an a Bel-
gien bestinn, a mir hunn ons jo fir den Text
vum Artikel, deen hei proposéiert ass, inspi-
riert vun der belscher Législatioun, droen
deene Konditiounen Rechnung. Dat ass jo
och hei de Fall. An ech mengen, et misst
een och kënne ervirsträichen, dass d'Infil-
tratiounen eppes sinn, wat rar ass.

De Procureur d'État schreift a sengem Avis,
säit '86 sinn et der zu Lëtzebuerg dräi ginn.
Si si schwéier duerchzeféieren a si sinn an
engem klenge Land wéi Lëtzebuerg ganz
besonnesch schwéier duerchzeféieren, well
jo jiddweree jiddweree kennt. Also muss
mir mat auslänneschen Agenten verfuere. A
mir wëssen och, dass et net einfach ass,
auslännesch Agenten ze fannen, déi sech
bereit erklären, bei esou enger Infiltratioun
matzemaachen.

Mir verstinn also d'Suerg vun der Polizei a
vun der Instance judiciaire, déi soen, mer
mussen e Moyen fannien, dass dem Témoin,
dem Agent infiltré seng Anonymitéit respek-
téiert gëtt.

Ech mengen och, dass déi Modalitéiten, déi
hei proposéiert sinn, wuel eng technesch
Hürd duerstellen, mä et kann een awer net
soen, dass et eng Violatioun vum Principe
du contradictoire ass, wann esou verfuert
gëtt. Et sinn also hei eng ganz Partie Pré-
cautiounen geholl ginn.

Ech sinn en long et en large, Här President,
op déi Fro agaangen, well dat mir schéngt
eng vun de Kärfroen am Kontext vun dësem
Gesetz ze sinn. An ech weess och, dass
meng Kolleegen an der leschter Regierung
de Projet de loi iwwert den Témoignage
anonyme matgedroen hunn.

Nach muss ech soen, dass deen Aspect
vum Projet de loi deen ass, deen ons am
meeschte préoccupéiert. An deemools,
wou d'Regierung gesot huet, mir leeën den
Témoignage anonyme de Moment op
d'Säit, froe mir ons och, ob een da soll iwwert
dëse Biais en Témoignage aféieren, un
statut particulier, wéi de Rapporteur gesot
huet, mä deen awer beim Conseil d'État,
beim Conseil de l'ordre déi gréisste Suer-
gen ervirbruecht huet. Dat ass och d'Ur-
saach, Här President, fir wéinst dem Risque
vu Präzedenzfall, deen dat do duerstellt,
dass mir ons wäerte beim Vote vun dësem
Projet enthalen.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame
Flesch. D'Wuert huet elo den honorabelen
Här Klein.

» **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).** - Här
President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci
dem Rapporteur fir seng Rapporten an dë-
sem sensible Beräich.

Dëse Projet de loi schaaft eng legal Basis fir
zwee nei Instrumenter ze schafen, op déi
d'Justice an d'Police kënne zréckgräifen
am Kampf géint déi organiséiert Verbrie-
chen an den Terrorismus; et sinn dat d'Ob-
servatiouns- an d'Infiltratiounsmissiounen.

Infiltratiounsmissiounen klängt den éischte
Moment abenteuerlech, mä méi wéi eng
Kéier scho konnten duerch esou Aktiounen
schwéier kriminell Banden an Terroristen
d'Handwierk geluecht ginn. Heiansdo ass et
dat eenzegt effikas Instrument fir géint déi
organiséiert Verbrische virzegoen.

Duerch dëse Projet de loi gëtt e Vide juri-
dique aus der Welt geschaf an e kënnt en-
gem reelle Besoin vun der Justiz an de Poli-
zeiautoritéiten no.

An der Commission juridique ass laang un
dësem Projet de loi geschafft ginn. Vill
Avisen dozou louche vir. Vill Instanzen sinn
ugehéiert ginn, déi sech zu Wuert gemellt
hunn. Vill Bemierkungen an Ureegung
si matgedeelt ginn. Domat konnt d'Kommi-
ssioun de Pro an de Contra géinteneen of-
weien, ier se eng Décisioun getraff huet.

De Leitfuedem an den lwwerleeunge war et
ëmmer, fir en Équilibre ze fannen zwëschent

Effikassitéit a Rechtssécherheet. Effikassi-
téit an deem Sënn, dass Observatiouns- an
Infiltratiounsmissiounen den néidegen
Handlungsspillraum mussen hunn, fir erfol-
legräich kënne ofzelafen. Rechtssécher-
heet, op där anerer Säit, fir net ze riskéieren,
dass esou Operatiounen deelweis ouni
rechtlech Grondlag duerchgezu ginn.

Dat ass net einfach an net evident. Zumools
bei Infiltratiounsoperatiounen, wou en Agent
sech kann u kriminellen Aktiounen bedeele-
gen, ouni sech duerfir selwer stroferechtlech
schëlleg ze maachen, muss eng gewësse
Rechtssécherheet bestoen.

D'Commission juridique huet duerfir eng
ganz Rei Regeln opgestallt, wéini datt
esou Infiltratiounsoperatiounen iwwerhaapt
méiglech si respektiv wéi se mussen ofla-
fen. Engersäits mussen all aner
Ermëttlungsmoyenen épuiséiert si respektiv
sech als inopérabel erweisen. Et musse se-
riö Indizië bestoen, wat déi konkret Infra-
ktiounen bei de Verdächtige ubelaangt.

Anerersäits huet d'Commission juridique
eng Lëscht vun zwielef Infractionen opge-
stallt, wéini datt et zu esou Infiltratiounen ka
kommen. Dorënner falen zum Beispill den
Terrorismus, de Mënschenhandel, den Dro-
genhandel an d'Geldwäscherei. Dës zwou
Konditiounen limitéiere schonn
d'Uwendungsgébit vum Infiltratiounsmissi-
siounen. Procureur respektiv Untersu-
chungsrüchter mussen esou Operatiounen
och speziell motivéieren an d'Faiten
oplëschen, déi esou eng Operatioun recht-
fertegen.

Ee vun de Punkten, dee fir am meeschten
Diskussiounsstoff gesuergt huet, ass den
Témoignage anonyme gewiescht vun den
Agenten, déi d'Infiltratiounsoperatiounen
duerchféieren. De Statsrot huet duerfir ur-
sprünglech eng Opposition formelle op
deem ganze Volet Infiltratioun ageluecht,
well den Témoignage anonyme a sengen
Ae géint den Droit de la défense verstéisst
an och géint aner Rechtsprinzipien.

Doropshin goufe verschidde prozedural
Dispositiounen preziséiert. Mat där exzeptio-
neller Solutioun, wat den Témoignage ano-
nyme ubelaangt, kann een d'accord sinn.

Et muss ee bedenken, datt domat den Té-
moignage anonyme net generaliséiert gëtt.
E geschitt ausnahmsweis a spezifesch,
prezis opgeluechtene Fäll, am Kader vun In-
filtratiounsoperatiounen. Et dierf een net ver-
giessen, wéi enge Risike sech en infiltrié-
ten Agent aussetzt, wann e seng richtig
Identitéit bekannt géif ginn. Méi wéi eng
Kéier si schonn am Ausland Agenten Affär
vun esou Operatiounen ginn.

Den Témoignage anonyme eleng geet och
net duer fir den Inculpéierten ze veruerte-
len. Aner Bewäiser mussen bestoe fir d'Ver-
uerteelung vun engem Ugekloten.

Wichtig ass et, dass an Zukunft dës nei
Mëttele géint d'organiséiert Kriminalitéit an
den Terrorismus an engem legale Kader
verlafen. Dat ass am Interessi vun der
Bekämpfung vun deene schwéiere Verbrie-
chen, an d'Rechter vun der Verteidigung
bleiwe garantéiert. Duerfir gi mer als Fra-
ktioun eisen Accord zu dësem Projet de loi.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Klein.
Den Här Braz huet als nächste Riedner
d'Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci,
Här President. Ech wëll fir d'éischt och fir
déi gréng Fraktioun dem Rapporteur, dem
Här Roth, Merci soe fir säi Rapport, deen,
wéi scho gesot, d'autant plus Mériten huet,
well en en cours de route an dësen awer re-
lativ technesch a komplizéierten Dossier
agesprongen ass.

Mat dësem Gesetz gëtt eng Gesetzesla-
cune combléiert. Dat kenne mer och scho
vun anere Gesetzer an ähnlecher Matière.
Wéi mer dat Gesetz gemaach hunn iwwert
d'DNA-Datebänken, hu mer am Fong dat-
selwecht gemaach. Och do hu mer e Ge-
setz wëlle schafen, fir Saachen ze legali-
séieren, déi et scho gi sinn, déi et gi sinn,
well se noutwendeg sinn, déi awer ouni
Base légale stattfonnt hunn, a mir hu beim
DNA-Gesetz, wéi mer fannen, e ganz gutt
Gesetz gemaach, wat DÉI GRÉNG och
konnte matdroen.

Hei geschitt datselwecht. Och hei gi mer op de Wee, enger Matière eng Base légale ze ginn, déi bis elo ouni Base légale fonctionnéiert huet. Och wann et nëmmen a rare Fäll fonctionnéiert huet, an dat soll jo am Prinzip och de Fall bleiwen.

Dat hei ass kee Gesetz, fir d'Application générale - am Sënn vun, dass et oft géif ugewannt ginn - ze ginn. Dat hei ass e Gesetz, wat soll weiderhin op rare Fäll kënnen applizéiert ginn, fir déi Verbrichen, déi et noutwendeg maachen.

Et ass och esou, dass déi Lëtzebuurger Agenten, déi fir dës Zort Interventiounen a Fro kommen, och an Zukunft wäerte rar bleiwen. Mir hunn an der Vergaangenheet schonn och op auslännesch Agenten zréckgegraff. Dat huet och domat ze dinn, dass Lëtzebuerg relativ kleng ass an dass een déi Leit, déi an dëser Matière kënnen agesat ginn, riskéiert relativ séier och ze kennen. A méi grouss Länner ass dat méi licht. Zu Lëtzebuerg ass et mat Sécherheet net licht, e verstoppten Agent a méi Affäre kënnen onverbrannt anzesetzen. Dat ass net licht, esou dass mer och an dëser Matière an Zukunft weiderhi wäerten, en cas de besoin, op auslännesch Agente mussen zréckgräifen.

Et ass scho vu mengem Virriedner, dem Här Klein, gesot ginn, wat am Vierdergrond stoung. Et war engersäits d'Effikassitéit vun deene Mesures policières ze garantéieren, wa se da mussen ugewannt ginn, anersäits Rechtssécherheet duerch déi Base légale ze schafen. Dass also jiddweree weess, op wat e sech aléisst a wat d'Konsequenze fir e këne sinn.

Eppes Drëttes géif ech awer gären derbäihänken. Et ass och drëms gaangen, an all de Fäll d'Droits de la défense am Prinzip vum Respekt vun der Présomption d'innocence ze respektéieren. Och dat ass ee vun de Punkte gewiescht, deen an der Kommissioun, mengen ech, bei ganz villen am Kapp war, wa mer déi heite schwiereng Matière diskutéiert hunn.

Zwou Niegkeete ginn also agefouert: engersäits d'Observatioun, anersäits d'Infiltratioun. Fir dat eent, d'Observatioun, hu mer e Seuil de peine virgesinn, fir dat anert hu mer - bei der Infiltratioun also - eng Lëscht virgesinn. An ech wëll just eng Woch zréckkommen an de Justizminister drun erënneren, dee mer nach virun enger Woch gesot huet, e géif fannen, dass eng Liste des infractions eng schlecht Technique législative wär. Dat war an engem anere Gesetzestext.

Ech si frou, dass de Minister haut, eng Woch méi spët, seng Zoustëmmung engem Text ka ginn als Regierung, déi ganz wuel eng Liste des infractions dran huet. Dat hei ass also e Beispill, dat weist, dass et duerchaus Matière gëtt, Här Minister, wou eng Liste des infractions ka Sënn maachen. Et ass also näischt, wat ee muss grondsätzlech reniéieren, wéi Der et nach virun enger Woch gemaach hutt.

Hei, mengen ech, mécht et Sënn, dass mer déi Saachen do limitativement opgelëscht hunn. Woufir? Well mer dat jo och schonn an de leschte fënnf Joer bei enger Rei anere Gesetzter haten, dass mer Mesuren an Instrumenter aféieren, déi sollen op Ausnahmefäll ugewannt ginn, wou awer an der parlamentarescher Kommissioun dee Feinschliff gemaach ginn ass, dee schlussendlech och sécherstellt, dass et effektiv begrenzt a limitéiert bleift op déi dote Fäll.

Dat ass dat, wat mer och mat dësem Gesetz an der Kommissioun gemaach hunn, an doduerch, dass mer déi Lëscht opgestallt hunn, wollte mer sécherstellen, dass déi heite Méthodes policières effektiv och nëmmen an deenen Ausnahmefäll ugewannt ginn, wou se ubruecht sinn, wou se also am Respekt vum Prinzip vun der Proportionalitéit Sënn maachen. Dass also net mat Methode geschaff gëtt fir kleng Delikter oder Verbrichen, déi eigentlech an engem Rechtsstat, wou de Prinzip vun der Proportionalitéit ëmmer soll gëllen, net dierften op der Dagesuerdnung sinn. Mir mengen, mat dësem Text, wéi mer en elo formuléiert hunn, erreeche mer dat doten Zil, dass mer also déi Méthodes policières do zur Uwendung komme loossen, wou se tatsächlech eng Plus-value géife bréngen.

Problematesch ass awer dee Volet, dee ronderëm den Témoignage anonyme oder dat Reschtstéck Témoignage anonyme bleift. Den initiale Gesetzestext war jo méi kohärent, wann och méi contestabel, mä war méi kohärent, well en huet engersäits de Prinzip vum Témoignage anonyme agefouert, an en huet och an dëser Matière dann e Recht oder eng Applikatioun dovunner drage-looss. De Prinzip war jo gekläert am initialen Text, an dëst war eng vun den Applikatiounen. Dat war zumindest kohärent.

Opgrond vun enger Rei vu Kritiken ass deen ee Volet erausgeholl ginn, woubäi den Témoignage anonyme per se jo net vum Europäesche Mënscherechtsgerichtshaff contestéiert gëtt. Dat hunn eenzel Virriedner scho gesot. Wann eng Rei Garantien do sinn, ass et rechtens, opgrond vun der Konventioun, fir och Témoignages anonymes ze maachen. Dat, wat mer elo nach am Gesetz Rescht hu vum Témoignage anonyme, ass jo am Fong d'Auditioun vum Agent infiltré, déi no enger Rei vu Kritäre muss geschéien, an dat werft eng Rei Froen op.

Och wa mir als gréng Fraktioun eis mam Témoignage anonyme net kënnen ufrënden, well et, och wann et en effikast Instrument ass, vläicht awer och dee lichtste Wee ass, fir enger komplizierter Kriminalitéit wëlle bäizekommen. Trotzdeem hu mer deemools der Regierung an der Commission juridique gesot, wéi se dee Volet erausgeholl huet, dass mer doriwwer wuel frou wieren, dass mer et awer géife bedauern, dass d'Regierung sech net beméit hätt, eng Alternativ dozou ze élaboréieren.

Well et bleift, dass et eng Rei vu Crimë gëtt, notament am Crime organisé, wou et effektiv ganz schwiereng ass, mat deenen normale Methoden zu Resultater ze kommen. De Crime organisé ass mindestens esou gutt organiséiert wéi d'Justiz a wéi d'Police. An et bleift, dass et extrem schwiereng ass, am Beräich vum Mënschenhandel, vum Waffenhandel, vum Drogenhandel an aner Formen nach e Lach an déi Mauer gebuert ze kréien, duerch dat ee kann erakucken.

D'Regierung hat jo probéiert mam Témoignage anonyme eng Äntwert ze bréngen op déi dote spezifesch Problematik. Eng Äntwert, déi mir, wéi vill anerer, net als déi richteg ugesinn hunn, mä wou mer awer nach ëmmer der Meenung sinn, dass et eng Äntwert brauch. Ech hunn de Minister deemools - dat läit jo elo schonn eng Weilchen zréck, déi Scissioun vum Projet - an der Kommissioun op opgefuerdert: Wann Der dat dote macht - wat, mengen ech, déi meescht Leit begréisst hunn -, schaff awer eng Alternativ dozou aus. Et ass schwiereng, däärs si mer eis bewosst. Mä déi Froen, op déi et eng Äntwert sollt gi mat Ärem Témoignage anonyme, sinn awer nach ëmmer gestallt, a mir brauchen nach ëmmer Äntwerten op déi dote Froe ronderëm bestëmmte Forme vum Crime organisé.

Duerfir wäerte mir eis och bei dësem Projet enthalten, well dat lescht Stéck Témoignage anonyme, oder dat klengt Stéck Témoignage anonyme, wat mer elo nach dran hunn, esou verständlech et och ass - well deen Agent infiltré natierlech net kann, wéi all aner Zeien, vun A bis Z considéiert ginn -, dat fënnt awer elo op engem Hannergrond statt, deen et net méi gëtt.

De Prinzip, déi prinzipiell Fro, déi grouss Fro, déi hannendrustoung, bleift gestallt, a mir hu keng Äntwert dorop. Mir ginn elo just nach esou eng Reschtäntwert, déi am Fong keen Hannergrond méi huet. Dat ass de Grond, firwat mir als gréng Fraktioun mengen, dass d'Froen net alleguer beäntwert sinn, dass mer eis och duerfir bei där doter Fro wëllen enthalten.

Woubäi mer awer nach eng kéier wëllen ënnersträichen, dass déi Fro vun der Lutte géint de Crime organisé net vollstänneg beäntwert ass, an dass an där nächster Mandatsperiod déi nächst Regierung an déi nächst Chamber sech muss beméien, eng Alternativäntwert op den Témoignage anonyme ze ginn, ob dat ass mat Zeieschutzprogrammer oder wat et nach alles fir Instrumenter gëtt, déi och alleguerten an engem klenge Land net ganz licht ëmzesetze sinn. Do muss mer zesummen driwwer nodenken, well déi Fro ass gestallt an d'Äntwert steet am Moment do nach ëmmer aus.

Dat gesot, stëmme mer och net géint dëse Projet, well mer mengen, dass e par ailleurs ganz kohärent ass an och vill Input vun der Kommissioun konnt geliwwert ginn, esou dass mer mengen, dass deen Text par ailleurs e gudden Text ass, mä wéinst där doter grondsätzlecher Iwwerleeung wäerte mer eis beim Vote enthalten.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. De leschte Riedner ass den honorabelen Här Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass esou, dass, wann ee wëllt verschidde Krimineller virun d'Gerichter bréngen, da muss een heiansdo op nei Techniken zréckgräifen, fir kënnen déi Leit viru Gericht ze bréngen. Ee vun deene Moyenen, dat ass dee vun der Infiltratioun, dat heescht wéi gesot, dat en Agent, entweder e privaten oder e Polizist, sech kann an e Réseau infiltréieren.

Wann een e puer Beispiller hei zu Lëtzebuerg kuckt, déi an der Diskussioun waren, war dat haaptsächlech um Gebitt vum Drogenhandel, wou ech aus menger beruflecher Erfahrung weess, dass eng Zivilpersoun sech an de Réseau integréiert hat, dass se do verschidden Identitéiten, falsch Identitéiten, falsch Pabeieren opgedeckt huet, an dat doduerch dann eng ganz Abberzuel vu Persoune konnt herno verhaft ginn. Woufir? Well falsch Identitéiten dohierter gelaf sinn an doduerch d'Aarbecht vun de Polizisten erschwéiert ginn ass.

Mir haten och ee Fall, deen och ganz vill an der Press diskutéiert ginn ass, dat war wéi de Responsabele vun der Police judiciaire, vum Drogendezernat vun der Police judiciaire selwer am Drogenhandel war, well en Heroin a Kokain saiséiert huet, dann awer nëmmen een Deel ofgeliwwert huet an deen aneren Deel da selwer mat déckem Profit verkaaft huet. Do ass et evident, dass et huet missen zu enger Infiltratioun kommen, wou en auslännesche Policeagent sech mat deem Offiziéier do a Kontakt gesat huet, a lues a lues konnt dann dee ganze Mechanismus opgedeckt ginn.

Et ass also eng Method, déi absolut wichteg ass bei schwéierer Kriminalitéit a bei enger Kriminalitéit, wou meeschtens e puer Leit implizéiert sinn. Dat ass natierlech beim Terrorismus, dat ass beim Proxénétismus, dat ass bei der Korruptioun, beim Blanchiment, beim Kampf géint illegal Immigration, bei der Entféierung vu Mannerjähregen, fir nëmmen déi Beispiller ze nennen. Do gesäit een, dass et ganz schwéier Infraktiounen sinn, déi duerch dëst Gesetz viséiert sinn, a wou mir och mengen, dass déi Infraktiounen wierklech eng Infiltratioun kënnen bedéngen an dass se do kënnen noutwendeg sinn.

Eng Fro, déi natierlech an deem Kontext ëmmer gestallt gëtt, dat ass déi, ob deen Agent, dee Polizist, dee sech esou infiltréiert, ob dee kann da verschidde kriminell Dote maachen. D'Äntwert ass ganz kloer. Als Coauteur oder als Kompliz oder och weéinst Hehlerei kënnt en theoretesch be-laangt ginn. Dat ass net méiglech duerch d'Gesetz. Dat gëtt ausgeschloss, well et ass jo evident, dass en iergendwéi aktiv muss ginn.

Wat ons wichteg schéngt - an dat huet den Här Rapporteur, den Här Gilles Roth, deem ech wëll félicitéiere fir säi gudden Bericht, awer och ervirgestrach -, dass eppes net ka méiglech sinn, an dat ass, dass de Polizist selwer kënnt aktiv eng Infraktioun bei enger Persoun provozéieren. Dat ass eng wichteg Differenz, déi ee muss maachen, well bei der Infiltratioun am amerikanesche Recht esou eppes zum Beispill awer méiglech ass. Dat ass eppes, wat mir hei zu Lëtzebuerg an dëser Gesetzgebung wëllen évi-téieren.

Dann ass natierlech d'Problematik vum Témoignage, vun der Zeienausso vun deem Agent an der Diskussioun. Et ginn e puer Hypotheesen, déi een do muss gesinn. Dat eent ass, dass de Polizist, deen als Agent sech infiltréiert huet, Kontakt huet mat deene Kriminellen, dass dee seng Identitéit révéléiert. Dat ass méiglech deen Ablack, wou zum Beispill alleguerten déi Leit vun engem Réseau konnte festgeholl ginn a keng weider Schwiergekeete bestinn. Deen Ablack, bien entendu, ass seng Zeienausso och absolut bindend, an déi geet eleng duer.

Wann awer elo aus Sécherheetsgrënn, well déi Persoun, deen Agent, dee sech infiltréiert huet, vläicht nach muss e puer Méint weiderschaffen, well verschidde Leit aus dem Réseau net konnte verhaft ginn, dann ass et evident, dass ee muss nach weider d'Protektioun fir deen Zeien do virgesinn. Duerfir hu mer och Verständnis dofir, dass een hei eng spezifesch Reglementatioun virgesäit, fir deen Zeien do ze schützen, andeem seng Anonymitéit, seng reell Identitéit, andeem déi verheemlecht gëtt. Dat heescht, e kënnt zum Beispill aussoen ënner deem Numm, wou e sech infiltréiert huet, mä ouni seng reell Identitéit.

Hie kann och eng Ausso maachen doduer-jer, dass een en zwar net gesäit, mä dass en awer ka vun den Affekoten an och vum Beschëllegten oder de Beschëllegte gehéiert ginn. Mä an deem Fall geet awer déi Zeienausso net duer. Et mussen zousätzlech nach aner Bewäiser ginn. An dat schéngt

ons eppes ze sinn, wat wichteg ass, dass esou eng Zeienausso natierlech muss duerch aner Bewäiser erhäert ginn, dass een also do méi Rechtssécherheet huet.

Et ass also eng relativ komplex Matière, a mir mengen, dass mer et hei mat enger Situation ze dinn hunn, wou eng spezifesch Zeienaussoprozedur virgesinn ass, déi also näischt, oder net dierft mat engem Témoignage anonyme ze... d'Liaisoun misst gemaach ginn. Duerfir wëll ech och nach eng kéier kloer folgend Attitüd vun der ADR aus festhalen zu dësem Projet.

Mir sinn als ADR prinzipiell géint d'anonym Zeienausso. Mir mengen, dass mer mat dësem Gesetz eng Gesetzgebung geschafen hunn, oder wëlle schafen, déi eng spezifesch Zeieprotektioun virgesäit. Mir bedauern, dass keng generell Zeieprotektioun virgesinn ass an anere Gesetzgebungen. Dat ass eppes, wat bei ons feelt. Mir mengen awer, mir fäerten awer, mir trauen dëser Regierung net, dass se net e positive Vote zum Gesetz kënnt ausleeën als eng éischt Initiativ en faveur vun dem Témoignage anonyme. Duerfir wäerte mer ons bei dëser Gesetzgebung enthalten.

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Den Här Justizminister Luc Frieden huet elo d'Wuert.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, dëst ass am Fong e Projet de loi, deen de Rechtsstat verstärkt. E verstärkt de Rechtsstat, well en eng Rei Aktivitéiten, déi Gott sei Dank seele stattfinden, an eng kloer Rumm setzt, dass d'Police an d'Justiz net an engem rechtsfräie Raum schaffen, mä dass ganz kloer definéiert ass, a wéi enge Situatiounen, bei wéi enge Strofdote se wat dierfe maachen. Duerfir ass dëst e Gesetz, wat positiv ass fir d'Entwécklung vun eiem Rechtsstat.

Ech sinn dem honorabelen Här Roth dankbar fir all déi Erklärungen, déi Entwécklungen, déi hien hei de Mëtteg nach eng kéier am Detail virgestallt huet, an op déi ech dofir net brauch zréckzegoen. Dëst ass net e Gesetz, wat aus der Theorie eraus entstanden ass, mä et ass entstanden, well mer der Meenung waren, dass um Terrain bei Polizei a Justiz e Besoin wier, an dass um gesetzgeberesche Plang d'Noutwendegkeet besteet, wann e Besoin um Terrain ass, fir deem dann och e gesetzleche Kader ze ginn.

Ech hunn aus dëser Debatt vun haut am Fong just zwou Remarquen nach ze kommentéieren. Dat eent, dass ass déi Remarque, déi den Här Braz gemaach huet, dass an dësem Gesetz eng Oplëschtung vu Strofdote wier, woubäi ech mech d'lescht Woch anscheinend géint esou eng Oplëschtung ausgeschwat hätt an engem anere Kontext. Meng Meenung huet par rapport zur leschter Woch net geännert, wëll ech dem Här Braz soen.

Als Jurist, a vun engem Standpunkt vun der Technique législative, fannen ech dat nach ëmmer schlecht, well herno kritt een eis Coden net méi gelies, wann een eng Ribambelle vun Opzielungen huet. Duerfir fannen ech et besser, et hält een eng Strofdot an et definéiert een eng Peine, wou een d'Gravitéit vun enger Strofdot festleet, fir ze kucken - par rapport zu där Strofdot, där Gravitéit vu Strofdot -, dass een eppes ka maachen oder net.

Ech weess awer, dass dat an der Chamber anescht gesi gëtt. Ech wëll lech just soen, dass, wann Der a 15 Joer de Code pénal liest an Der maacht iwwerall esou Oplëschtungen derbäi, da gëtt dat en totalen Duerjerneen, an et kann een dat net méi liesen an et feelen ëmmer erëm Saachen dobäi, well et komme jo och Strofdoten no. Duerfir wollt ech also dem Här Braz soen: Meng Meenung ass och haut nach, dass dat hei keng gutt Technique législative ass, mä dass et eng Äntwert ass op eng Suerg, déi d'Chamber huet, déi ech och verstinn, fir dass ee ganz kloer ofgrenzt, a wéi enge Fäll ee wat ka maachen. Mä als Jurist fannen ech et net gutt, an duerfir wäerte mer och keng esou Texter proposéieren, sollte mer der nach ze proposéiere kréien.

Dat Zweet sinn déi Remarquen iwwert déi Anonymitéit, déi dee verdeckten Ermëttler soll kréien. Wann ech richteg verstanen hunn, enthält sech d'DP aus genee där oposéierter Ursach wéi DÉI GRÉNG zu dësem selwechte Punkt. Fir déi eng geet et ze wäit, an déi aner, nämlech DÉI GRÉNG, déi soen: Do feelt nach e Stéck vum Zeieschutz.

Ech wëll lech hei nach eng kéier soen, dass ech an där viregter Regierung, wou ech och Justizminister war, déi Problematik vum Zeieschutz e puermol vu Justiz- a Polizeiautoritéite virgeluecht kritt hunn a gesot hunn: Do ass e reelle Problem, wa Leit aussoen a

Fäll, wou hiert Liewen duerno a Gefor steet. An et ass duerfir, wou mer deemools déi Proposition gemaach hunn.

Mä erënnert lech un deen Tollé général, deen dat ginn ass, oft vu Leit, déi sech net am Detail mat konkrete Fäll auserneegeesat hunn. Dorobberhin huet dës Regierung décidéiert, am Ufank wéi se komm ass, datt mer déi diesbezüglech Dispositionen, déi dee Moment an der Chamber scho louchen, net géife weiderdreiwen. Ech soen lech awer gradesou kloer, datt mir trotz Sichen an dëse Jore keen adequate System fonnt hunn.

Et gëtt net siwe Méiglechkeeten, fir d'Anonymitéit vu Leit, déi an enger gewëssener Situatioun eppes aussoen, kënnen ze schützen. An duerfir hu mer keng nei Propositionen an deem Sënn gemaach, an ech gesinn och net, wéi een déi géif maachen.

Den Här Braz huet zu Recht op d'Gréisst vun eisem Land higewisen. Ech mengen, datt dat ee vun deenen Haaptproblemer ass, déi een huet. Et ass méi einfach an Amerika ee vun New York op Los Angeles ze schécken an en anere Pass an en aneren Numm ze ginn, wéi dat vun der Stad bis op Maarnech ze maachen. Duerfir mengen ech, datt mer op deem Punkt net richtig weiderkomm sinn.

Hei huele mer jo nëmmen eng ganz spezifesch Kategorie vu Leit, déi nëmmen ënner ganz exzeptionelle Situatiounen intervenéieren. Ech weisen och nach eng Kéier drop hin - mir hunn dat awer och 2003 gesot, mä dat wollt deemools keen héieren -, datt den Témoignage anonyme net als solche meng Zoustëmmung fënn. E fënn meng Zoustëmmung nëmmen dann, wann en ënner deenen dräi ganz strikte Konditiounen agefouert gëtt, wéi en och an der Jurisprudenz vun Europäesche Mënscherechtsgeriichtshaff festgeluecht ass, an datt een notamtlich och aner Preuvë brauch, datt keng Condamnatioun eleng kann op deen Témoignage opgebaut ginn, an datt och den Affekot ëmmer Méiglechkeete muss hunn, nach Froen ze stellen.

Mä nach eng Kéier, et ass net d'Intentioun vun dëser Regierung, fir an där dote Matière eng Gesetzgebung ze maachen. Mir hu kee richtegt Instrument fonnt, an duerfir hätt och am Fong kënnen d'ADR dëst Gesetz stëmmen. Well ech kann lech soen, Här Henckes, dëser Regierung hiert Mandat leeft, esou ass dat an der Demokratie, aus, an d'Chamber kënn nëmmen nach eng Woch zesummen. Et ass also hei net, datt dës Regierung nach kéint nei Projets de loi erabrénge, déi kënnen an dëser Legislatur gestëmmt ginn.

Ech mengen, datt dëst e Gesetz ass, wat misst déi breet Zoustëmmung vun dësem Haus kréien, well et e wichtegt Instrument ass, datt mer am Kampf géint d'organiséiert Kriminalitéit, an datt mer an der Opklärungsquot, déi sech verbessert huet, och weider eis nach kënnen verbessern. Duerfir wëll ech déi konstruktiv Suggestiounen, och vun deenen, déi sech hei enthalen, där nächster Regierung mat op de Wee ginn. Et wäert ganz schwéier ginn, och fir eng nächst Regierung, am Zeieschutz en Instrument ze fannen, wat jiddwerengem Satisfaktioun gëtt.

Mä näischt maachen ass keng Léisung. Hei maache mer eppes, wat net e Précédent ass fir eppes anescht, hei ass eppes kloer Limitéiert. Mä de Problem vu schwiereger Prozesser, graver Kriminalitéit, wou Zeienaussoe gemaach ginn, wou duerno d'Liewe vun deene Leit a Fro gestallt ass, bleift eng Problematik, wou ech frou wär, wann och déi nächst Chamber vläicht nach eng Kéier géif verschiddenen Texter zrëckkucken, déi an deene leschte Jore gemaach gi sinn. Dat ass net den Objet vun haut. Ech hunn deemools gesot, datt ech net mordicus un deem Text festhalen. Un dësem halen ech fest, well et ass wichteg fir d'Police an d'Justiz, effikass kënnen um Terrain ze schaffen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert dëse Projet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass errecht. Vote par procuration.

(Brouhaha général)

Et feelen nach zwee Voten. D'Ofstëmme ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5588 ass ugehall mat 39 Jo-Stëmme, bei 20 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fa-

bienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Eugène Berger (par M. Charles Goerens), Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Fernand Etgen) et Carlo Wagner (par M. Paul Helminger);

MM. Claude Adam, François Bausch (par Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Nächste Punkt vum Ordre du jour ass deen iwwert d'Assistance judiciaire vu Mannerjähregen. Och hei ass den honorabelen Här Roth de Rapporteur an huet elo d'Wuert.



3. 5848 - Projet de loi portant modification : 1° de l'article 37-1 de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ; 2° du Livre premier, Titre X, Chapitre 1er du Code civil ; 3° de l'article 1046 du Nouveau Code de procédure civile

Rapport de la Commission juridique

» **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 5848 kritt all mannerjähregt Kand e Recht, fir an enger Gerichtsprozedur, wou et dran implizéiert ass, vum Stat en Affekot bezuelt ze kréien.

Dëst Recht zielt fir all Kand, onofhängeg vun de Verméigensverhältnissen vu sengen Elteren. De Stat bezilt d'Affekotekäschten. Hie kann awer d'Sue bei den Elteren duerno zrëckfroen, virausgesat, si hunn dofir déi néideg finanziell Mëttelen.

An der Praxis gëtt d'Décisioun fir d'Iwwerhuele vun den Affekotekäschte vum Bâtonnier vun den Affekote geholl. Well d'Elteren gegebenenfalls dës Käscht spéider musen un de Stat zrëckbezuelen, kréie si d'Décisioun vun dem Bâtonnier matgedeelt. Si kënnen bannent zéng Deeg dergéint e Recours bei dem Conseil de discipline vun dem Affekotebureau maachen. Ass d'Décisioun vun dem Bâtonnier rechtskräfteg, dann ass d'Enregistrementsverwaltung dofir zoustänneg, fir spéider d'Käscht bei den Elteren zrëckzefroen.

Dozou eng Rei vu Prezisiounen. Éischtens: Dëse Gesetzesprojet regelt d'Iwwerhuele vun den Affekotekäschte vun engem mannerjährege Kand, an net dat eigentlecht Recht op en Affekot. D'Recht op en Affekot, jo souguer d'Flicht, fir an enger Rei vu Fäll engem mannerjährege Kand en Affekot ze nennen, ass am Jugendschutzgesetz säit 1995 verankert. Et spillt bei Strofverfahre grad wéi an anere Prozeduren, all Kéiers, wann d'Interessi vun dem mannerjährege Kand dat verlaangt.

Zweetens, bis elo konnten d'Affekotekäschte vun engem Kand opgrond vun dem Affekotegesetz och schonn vun dem Stat bezuelt ginn. De Problem bestoung awer doran, dass déi sougenannten Assistance judiciaire, also d'Iwwerhuelen duerch de Stat alt ofgelehnt gouf, wann d'Elteren déi néideg finanziell Mëttelen haten. Mat dem Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut ofstëmmen, huet d'Kand elo en eegestännegt Recht, fir säin Affekot vum Stat bezuelt ze kréien, an dat onofhängeg vun de Verméigensverhältnissen vun den Elteren.

Dës nei Bestëmmung gouf vun dem Statsminister an der Erklärung zur Lag vun der Natioun vum 9. Mee 2007 ugekënnegt. Si fousst derniewent och op enger Recommandatioun vun dem Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand.

Drëttens, d'Affekotekäschte vun dem Kand wäerte vun dem Stat gedroe ginn all Kéiers, wann et sech ëm eng Gerichtsprozedur virun den zivile Richter handelt. De staatlech bezuelte Rechtsbäistand spillt also net bei aussergerichtleche Verfahren oder Verwaltungsverfahren.

De Statsrot wollt hei méi wäit goen an d'Iwwerhuele vun den Affekotekäschten duerch de Stat och op aussergerichtlech Verfahre grad wéi administrativ Prozesser ausdehnen.

D'Commission juridique huet awer op dësem Punkt um ursprüngeleche Regierungstext festgehal, mat dem Argument, dass dat eegestännegt Recht fir e Kand, seng Affekotekäschte vun dem Stat bezuelt ze kréien, virun allem do muss spillen, wou d'Interesse vun dem Kand an Opposition stinn zu den Interesse vu sengen Elteren. Do, wou keen direkten Interessenkonflikt mat den Eltere besteet, verhënnert déi bestehend Gesetzgebung net, dass d'Elteren als gesetzlech Vertrieeder vun hirem Kand gegebenenfalls eng Assistance judiciaire, also ee vum Stat bezuelt Rechtsbäistand ufroen, wa si selwer dofir net déi néideg finanziell Mëttelen hunn.

Véiertens, d'Commission juridique huet op Recommandatioun vun dem Statsrot den ursprüngeleche Regierungstext geännert, andeem se zrëckbehalen huet, fir dass am Fall, wou de Stat dem Kand seng Affekotekäschte bezilt, béid Eltere géigeniwwer dem Stat solidaresch gehale sinn, fir dës Suen zrëckzebezuelen. De Stat ka sech also souwuel un d'Mamm wéi un de Papp wënnen, déi da musse fir dëst Zrëckbezuelen opkommen. An deem Sënn huet och d'Commission juridique de Regierungstext amendéiert.

Här President, de Gesetzesprojet 5848 gesäit weider eng Rei vun Ännerunge vun eenzelne Bestëmmungen aus dem Code civil an dem Code de procédure civile vir. Den Artikel 388-1 aus dem Code civil gëtt an deem Sënn geännert, dass an Zukunft all Kand, wat fäeg ass, seng Meenung ze äusseren, also seng sougenannte Capacité de discernement huet, muss an enger Prozedur gehéiert ginn, all Kéiers, wann et dat freet. Bis elo konnt de Richter dës Unhéierung oflehnen duerch eng speziell motivéiert Décisioun.

D'Unhéierung vun dem Kand muss duerch de Richter selwer geschéien. Hie kann an Zukunft dës Unhéierung nëmme méi an Ausnahmefäll un Drëttpersounen delegéieren, wéi zum Beispill e Kannerpsycholog. D'Unhéierung duerch de Richter selwer gëtt deemno d'Regel, an d'Unhéierung duerch eng Drëttpersoun gëtt d'Ausnahm. Wann de Richter d'Kand net selwer héiert, muss en an Zukunft dofir eng speziell Décisioun huelen, déi am Interess vum dem Kand motivéiert ass.

D'Recht vun dem Kand, fir ugehéiert ze ginn, huet als Géigepart och dat Recht, ofzelehnen. Dëst gëtt elo ausdrécklech an de Code civil ageschriwwen. Mä am Fall, wou e Kand net wëllt gehéiert ginn, behält de Richter awer d'Méiglechkeet, fir iwwert dëse Refus ze befannen an d'Kand opzufuerderen, fir virun him auszesoen.

Mat dësen neie Bestëmmungen dréit eis Gesetzgebung der UNO-Kannerrechtskonvention besser Rechnung. D'Kannerrechtskonvention gesäit nämlech vir, dass all Kand muss an all gerichtlecher oder administrativer Prozedur, déi et betrëfft, kënnen seng Meenung äusseren.

Här President, mat dësem Gesetzesprojet gi weiderhin eng Rei vu Prezisiounen an de Code civil ageschriwwen, déi sécherstellen, datt all Kéiers, wou d'Interesse vun dem Kand am Konflikt st mat deene vu senger legale Vertrieeder oder Verwalter, d'Kand e sougenannten Administrateur ad hoc gestallt kritt, fir seng Interesse ze verdeedegen.

Esou Interessenkonflikter kënnen an der Praxis zum Beispill bei Scheedungsfäll oder lerschaften optrieden. Hei kritt d'Kand dann en Administrateur ad hoc genannt, wat meeschtens en Affekot ass. D'Ernennung vun dem Administrateur ad hoc kann op Ufro vun dem Kand, dem Richter, dee mat dem Fall befaasst ass, oder duerch d'Statsanwaltschaft geschéien.

Schliesslech sträicht dëse Gesetzesprojet zwee Paragraphen vun dem Artikel 1046 aus dem neie Code de procédure civile. Dës Bestëmmungen hu bis elo d'Prozedur geregelt, wann eng Ufro vun engem Kand, fir vum Richter gehéiert ze ginn, ofgelehnt ginn ass. Mä well dës Unhéierung vun elo

un net méi kann ofgelehnt ginn, ginn déi bestehend Prozedurbestëmmungen iwwerflësseg an duerfir ofgeschafft.

Här President, ech verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Rapport, deen eestëmmeg an der Commission juridique ugehall gouf an deen der Chamber recommandéiert, dëse Gesetzesprojet ze stëmmen.

Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Roth. D'Madame Flesch huet d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, léif Kolleegen, och hei wéilt ech dem Rapporteur, dem Här Gilles Roth, Merci soe fir e ganz ausféierleche Rapport. Et geet also hei dorëm, de Kanner eng Assistance judiciaire ze ginn, wa se mussen a gerichtleche Prozeduren erschénge, egal wat d'Situation de fortune vun hiren Elteren ass.

Ech muss lech éierlech soen, meng éischt Reaktioun, wéi ech dee Projet gesinn hunn, war ze soen: Woufir sollen d'Elteren, déi d'Moyenen hunn, net dozou ugehale ginn, esou eng Assistance judiciaire ze bezuelen?

Ech hunn awer duerno Kenntnis geholl vum Avis vun der Commission spéciale Jeunesse en détresse bei dem Débat d'orientation 2003 an notamment och vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, déi d'Suerg haten, dass, wann d'Eltere géifen d'Prozedur bezuelen, d'Présomptioun vun Neutralitéit an Indépendance vum Affekot vläicht net voll a ganz gi wär. Ech hu mech dunne der Attitud raliéiert, déi dësem Projet zugronn läit.

Mir hunn an der Commission juridique iwwert déi do Fro diskutéiert, a mäi Kolleeg, de Xavier Bettel, hat och do suggéiert, dass ee vläicht kéint virgesinn, dass am Arrêt, dee vum Richter bei esou enger Affär gesprach gëtt, de Montant vun de Käschten an d'Décisioun, ob d'Eltere sollen oder net sollen d'Käschte bezuelen, kéinten agebaut ginn. Alles dat, fir ze verhënnern, dass Leit, déi am Fong kéinten esou eng Prozedur bezuelen, géife versichen, sech hirer Responsabilitéit ze entzéien.

Dat ass och net vun der Commission juridique zrëckbehal ginn, a mir hunn den Text vun der Regierung akzeptéiert esou, wéi en elo virläit, an esou, wéi de Rapporteur en hei op dëser Tribün elo nach eng Kéier explizéiert huet.

Ech wär awer frou, wann de Minister ons an deem Zesummenhang kéint d'Assurance ginn, dass effektiv d'Regierung wäert derfir suergen, dass déi Bestëmmungen, déi virgesinn, dass den Enregistrement duerno ka bei den Elteren de Remboursement vun deene Frais judiciaires beantragen, dass dat och effektiv applizéiert gëtt. Ech ginn dovun aus, dass dat soll esou sinn. Cela va sans doute sans dire, mais ça va peut-être mieux en le disant.

Här President, dat Gesetz hei ass am Fong och d'Suite vun enger Partie vun internationalen an europäeschen Décisiounen, bei deenen am Intérêt vum Schutz vum Kand esou Prozedure recommandéiert si wéi dat, wat mer elo amgang sinn hei ze maachen. Ech erwännen an deem Zesummenhang d'Recommandatioun vum Comité des droits de l'enfant an den Nations unies. Déi Recommandatioun sinn d'Konsequenz vum Artikel 43 vun der Convention des Nations unies relative aux droits de l'enfant. Ech erwännen de Règlement communautaire N°2201 aus dem Joer 2003. Dat sinn alles internationalen Texter, déi an déi Richtung ginn, wéi dëst Gesetz elo Dispositionen an onst Recht transposéiert.

Mir wäerten also als DP-Fraktioun dëse Projet stëmmen. An ech wëll nach eng Kéier dem Rapporteur Merci soe fir säin exzellente Rapport.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Den honorabelen Här Klein huet d'Wuert.

» **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci